



N°1155  
Entrée le 09.09.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 09.09.2024  
Chambre des Députés

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/09/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sport & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Kontext vun der Schoulrentrée stellt sech och dëst Joer erëm d'Fro vum Schoulschwammen a generell vum Manktem u Schwammmeeschtere respektiv Schwammmeeschteschen. De Sportminister huet an engem Interview am Mee dëst Joer eng Campagne annoncéiert fir méi Schwammmeeschteren a Schwammmeeschtesche fir d'Ausübe vun dësem Beruff ze begeeschteren.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi genau gesäit d'Ausbildung vum Beruff vum Schwammmeeschter aus?
2. Wéi vill Leit hunn zanter 2018 dës Ausbildung ugefaang an och ofgeschloss?
3. Wéi vill vun dëse Leit hunn ofgebrach? Aus wat fir Grënn hunn dës Leit d'Ausbildung ofgebrach?
4. Wéi vill Leit si fir d'Schoulrentrée 2024/2025 pro Ausbildungsjoer als Schwammmeeschter ageschriwwen?
5. Wat sinn d'Ursaache firwat manner Leit bereet sinn dës Beruff ze ergräifen?
6. Gedenkt d'Regierung d'Grille horaire vun der Ausbildung unzepassen, fir manner Wäert op d'Chimie ze leeën?
7. Wuel wëssend, dass a gréissere Schwämmen hei am Land d'Opbereedung vum Waasser vun externe Firmen iwwerholl gëtt, gedenkt d'Regierung eng parallel Filière vun der Ausbildung vum Schwammmeeschter unzebidden, wou d'Chimiescoursen ewechfalen?
8. An wéi enger Form a wéini gedenkt d'Regierung eng Campagne fir de Beruff vum Schwammmeeschter ze lancéieren?
9. Wéi gesinn d'Konditiounen aus, fir dass d'Ausbildung vun de Schwammmeeschter aus Däitschland, Frankräich an der Belsch zu Lëtzebuerg unerkannt kënne ginn?
10. Gedenkt d'Regierung dës Ausbildung an Zukunft unzekerennen?
11. Wéi vill Schouלקlassen, an deene Kanner aus de Cyclen 1.1 an 1.2 scolariséiert sinn, ginn net



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

reegelméisseg schwammen?

12. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuele fir dëse Prozentsaz ze verklengeren?
13. Laut dem Plan d'études sollen d'Schoukanner nom Cycle 4 an der Grondschoul ouni Ënnerbriechung eng Distanz vun 100 m schwamme kënnen – wéi vill Schoukanner areeche den dëst Ziel a wéi vill Kanner areeche den dëst net um Enn vum Cycle 4?
14. Wat sinn d'Grënn dofir?
15. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir dass an Zukunft all Kand an der Grondschoul schwamme kann?
16. Gedenkt d'Regierung an Zukunft déi dofir ausgebildeten d'Schwammmeeschtere méi an d'Schoulschwammen an der Grondschoul matanzebezéien?
17. Gedenkt d'Regierung den „Reglement grand-ducal du 31 juillet 1990 établissant des mesures de sécurité dans l'intérêt de la natation scolaire » deemnächst unzepassen?
18. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir dass och d'Schwämme vun de Lycéeën fir d'Allgemengheet respektiv fir d'Schwammveräiner disponibel wäerte sinn?
19. Am Kontext vum Manktem u Schwammmeeschteren hat de Sportminister iwwert d'Iddi vun engem Pool vu pensionéierte Schwammmeeschtere geschwat – wou sinn dës Iwwerleeungen drun?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Deputéierten





**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an dem Sportsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1155 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

D'Formatioun ass eng Diplôme d'aptitude professionnelle-Ausbildung (DAP), déi op dräi Joer leeft (ënner Léiervertrag mat zwee Deeg Cours an der Woch an der Schoul).

Nieft dem Enseignement général, enthält den Enseignement professionnel follgend Moduler:

- Entretien a Maintenance;
- Base vum Schwammen;
- Iwwerwaachung an Encadrement vu Visiteuren;
- Schwammen a Rettung;
- Gestiou vum den Installatiounen a Traitement vum Waasser;
- Administratioun (vun de Schwämmen);
- Schwamm- a Rettungscoursen.

**Ad 2)**

D'Unzuel vun den Aschreiwungen an de verschiddene Léierjoren zanter 2018 an dëser Ausbildung:

	<b>18-19</b>	<b>19-20</b>	<b>20-21</b>	<b>21-22</b>	<b>22-23</b>	<b>23-24</b>
<b>DAP</b>	<b>46</b>	<b>48</b>	<b>61</b>	<b>58</b>	<b>61</b>	<b>55</b>
DC1IN	20	20	29	20	23	20
DC2IN	14	12	18	21	17	15
DC3IN	8	14	9	13	17	16
DCRIN	4	2	5	4	4	4

D'Unzuel vun de Léierbouwen a -meedercher, déi de Schlussexame gepackt hunn:

	<b>18-19</b>	<b>19-20</b>	<b>20-21</b>	<b>21-22</b>	<b>22-23</b>	<b>23-24</b>	<b>Total</b>
	<b>7</b>	<b>9</b>	<b>10</b>	<b>10</b>	<b>13</b>	<b>11</b>	<b>60</b>

### Ad 3)

D'Zuel vun de Persounen, déi ofgebrach hunn, liest sech aus dem Tableau hei drënner eraus:

		18/19	19/20	20/21	21/22	22/23	23/24
DC1IN	inscrits au cours de l'année	20	20	29	20	23	20
	autorisé à progresser	12	15	17	12	12	10
	non autorisé à progresser	4	1	2	3	3	1
	réorienté	1	4	0	1	0	1
	<b>abandon</b>	<b>3</b>	<b>0</b>	<b>10</b>	<b>4</b>	<b>8</b>	<b>8</b>
DC2IN	inscrits au cours de l'année	14	12	18	21	17	15
	autorisé à progresser	13	8	14	14	12	20
	non autorisé à progresser	0	3	3	5	3	6
	réorienté	0	1	1	0	2	0
	<b>abandon</b>	<b>1</b>	<b>0</b>	<b>0</b>	<b>2</b>	<b>0</b>	<b>0</b>
DC3IN	inscrits au cours de l'année	8	14	9	13	17	16
	autorisé à progresser	6	12	9	10	13	11
	non autorisé à progresser	1	1	0	3	4	5
	réorienté	1	1	0	0	0	0
	<b>abandon</b>	<b>0</b>	<b>0</b>	<b>0</b>	<b>0</b>	<b>0</b>	<b>0</b>

Et fällt op, dass niicht de Persounen déi hiert Joer net packen (non autorisé à progresser / réorienté) d'Zuel vun den Abandonen am éischte Joer relativ héich ass. Dëst läit zu engem groussen Deel dorun dass d'Zuel vu Jonken déi sech fir de Beruff interesséieren zanter 2020 wesentlech méi grouss ass wéi d'Zuel vun den disponibelen Ausbildungsplazen. Laut Zuelen vun der ADEM-OP ass d'Situatioun déi follgend:

	2019	2020	2021	2022	2023
Nombre de postes déclarés	20	22	16	19	13
Nombre de candidats inscrits dans le métier	13	39	38	37	30

### Ad 4)

Op den Datum vum 17. September 2024 sinn am Ganze 26 Léierbouwen a -meedercher ageschriwwen a vun deene 26 hunn der 20 schonn e Patron.

### Ad 5)

D'Zuele vun den Aschreiwunge fir dëse Beruff sinn iwwert déi gefrote Jore relativ stabil.

### Ad 6)

Opgrond vum Artikel 31 aus dem ofgeännerte Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d'Reform an der Berufsausbildung sinn d'Équipes curriculaires zoustänneg fir d'Opstelle vun de Programmes directeurs vun deene jeweilege Beruffer. D'Grilles horaires sinn ee Bestanddeel vum Programme directeur a falen doduerch och ënnert den Aufgabeberäich vun den Équipes curriculaires.

### Ad 7)

De Service fir d'Berufsausbildung (SFP) war un d'Équipe curriculaire mat der Proposition eruetrueden, fir effektiv dësen Deel aus der DAP-Ausbildung erauszehuelen, fir esou vläicht eng méi un d'Realitéit vum Marché ugepassten Ausbildung kënnen unzebidden. Well et zu dësem Punkt awer

nach ennerschiddlech Meenungen ginn, wäert den SFP zesummen mam Syvicol kucken a wéi enge Gemengen a Schwämmen de Schwammmeeschter matt DAP nach zoustänneg ass fir d'Waasseropbereedung. En fonction vun dëser Analys gëtt dann d'Formatioun ugepasst.

Parallel dozou sollt eng Technikerformatioun am Beräich vum Schwammmeeschter ugebuede ginn, wou déi genannten Deeler bäigesat an zousätzlech nach verdéift kéinte ginn, esou datt dëst méi eng exigent Formatioun fir weider aner Profiller duergestallt hätt. Leider gouf dës Iddi vun der Équipe curriculaire verworfen.

#### **Ad 8)**

Vu datt d'Zuel vu Persounen déi sech fir dëse Beruff interesséieren zimmlech héich ass, wäerten de Sports-, Aarbechts- an Educatiounsministère zesummen mat der ADEM-OP an der Chambre des Métiers d'Déclaréieren vu Léierplazen an dësem Secteur nach eemol promovéieren.

#### **Ad 9) an 10)**

Bei der Unerkennung vun auslänneschen Diplomer, a méi prezis aus eisen Nopeschlänner, gëtt sech op d'Gesetz vum 28. Oktober 2016 iwwert d'Unerkennung vu beruffleche Qualifikatioune baséiert. Beim Vergläiche vun de Kompetenze gëtt och drop opgepasst, datt och d'„Maintenance an d'Hygiène vum Waasser“ gesi goufen.

Aus den Nopeschlänner si folgend Diplomer als „DAP, Instructeur de Natation“ unerkannt:

- Däitschland: „Prüfungszeugnis im Ausbildungsberuf, Fachangestellter für Bäderbetriebe“
- Frankräich: „Brevet National de Sécurité et de Sauvetage Aquatique“ (a Kombinatioun mat engem anere Secondaire-Diplom oder méi héijen Diplom)
- Belsch: „Brevet supérieur de sauvetage aquatique“ (a Kombinatioun mat engem anere Secondaire-Diplom oder méi héijen Diplom).

#### **Ad 11)**

Am Cycle 1.1 gi 64 %, an am Cycle 1.2 ginn 73 % vun de Klasse reegelméisseg schwammen.

#### **Ad 12) a 15)**

Op där enger Säit gesäit d'Annex 3 vum *Règlement grand-ducal modifié du 11 août 2011 fixant le plan d'études pour les quatre cycles de l'enseignement fondamental* eng grouss Flexibilitéit vun de pedagogeschen Equippen an der Gestaltung vun den Aktivitéite vir, fir datt iwwert dëse Wee maximal d'Besoinen vun der Schoulpopulatioun kënne mat afléissen. D'Kompetenz „*Entraîner et enchaîner des mouvements complexes dans l'eau*“ ass eng vu siwe Kompetenzen, déi et am Kader vum Domaine de développement et d'apprentissage „*L'expression corporelle, la psychomotricité, les sports et la santé*“ ze entwéckele gëllt. A Funktioun vun de Schüler aus dem Cycle 1 hirer Kompetenzentwécklung kann et sech als kruzial erweisen, fir an enger éischer Phas déi grondleeënd motoresch Fäegkeeten ze festegen, iert de Fokus am schoulesche Kontext op d'Schwammeléiere geluecht gëtt.

Op där anerer Säit féiert d'Indisponibilitéit vun den néidegen Infrastrukturen dozou, datt vereenzelt net nach verstärkt weider Schwammkursen am Cycle 1 kënne ëngesat ginn. Wéi am Artikel 35 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* festgehalten, ënnerläit et der Verantwortung vun der Gemeng, fir déi fir den Enseignement néideg Infrastrukturen, dorënner och déi sportlech Aariichtungen, wéi zum Beispill d'Schwämm, zur Verfügung ze stellen. An dësem Zesammenhang ginn et am Prinzip dräi Formulle fir d'Ëmsetzung vun de Schwammkursen:

- d'Gemeng huet selwer eng Schwämm, an där d'Schoulen hire Schwammunterrecht kënnen halen;

- d'Schoule vun de Gemengen ouni eege Schwämm kënnen an enger Schwämm an der Géigend schwamme goen, falls dës nach fräi Plagen huet;
- ee Gemengesyndikat deelt sech eng Schwämm fir d'Ëmsetze vun de Schwammcoursen.

D'Gemeng huet d'Méiglechkeet, fir direkt méi Schwammmeeschteren an der Schwämm ze engagéieren, fir d'Enseignantë vum Schwammkurs beim Developpement vun de Kompetenze vun de Kanner, déi nach net schwamme kënnen, ze ënnerstëtzen. De Staat bedeelegt sech am Fall vun der Interventioun vun de Schwammmeeschteren un de Fraisen, déi duerch hir Präsenz entstinn an ënnerstëtzt domat d'Assistenz vum Léierpersonal duerch zousätzlecht Personal an der Schwämm.

Iwwert d'Regionaldirektioun ginn d'Gemengen dofir sensibiliséiert, déi néideg Ressourcen ze mobiliséieren, fir datt d'Kanner d'Ziler, déi am Plan d'études festgehale sinn, kënnen erreechen. Nieft den akademesche Kompetenze sinn dëst och sportlech Fäegkeeten, wéi zum Beispill d'Schwammen, déi eng bedeitend Roll an der Entwécklung vun de Kanner spillen.

### **Ad 13) a 14)**

D'Schüler gi reegelméisseg iwwert ee ganz Schouljoer formativ unhand vun de Bilans intermédiaires evaluéiert. Dëst gëtt dem Enseignant d'Méiglechkeet, d'Entwécklung vun de Schüler hire Kompetenzen ze analyséieren, esou datt den Enseignant entspriechend déi Mesure ka plangen an ëmsetzen, déi néideg sinn, fir sécherzestellen, datt de Schüler bis um Enn vum Cycle déi virgesinne Kompetenzen erreeche kann. Am Bilan intermédiaire gëtt fir d'Schwammen eenzeg eng Appreciatioun vun der Performance vum Schüler festgehalten an dëse gëtt net par rapport zum Niveau socle evaluéiert.

Déi certificativ Evaluatioun unhand vun de Bilans de fin de cycle préift an dësem Zesammenhang, ob d'Kand déi am Plan d'études festgehale Kompetenzsockelen erreecht huet. De Schwammunterrecht ass am Kader vun dëser Evaluatioun Deel vum Domaine „*L'expression corporelle, la psychomotricité, les sports et la santé*“ a gëtt net eenzel opgeschlëselt, esou datt sech keng allgemeng Réckschlëss iwwert d'Erreeche vun eenzele Kompetenzsockelen zéie loossen.

Deemno ass et weder op Basis vun der formativer nach vun der certificativer Evaluatioun méiglech, déi Schüler ze identifizéieren, déi zum Schluss vum Cycle 4 ouni Ënnerbriechung eng Distanz vun 100 m schwamme kënnen.

### **Ad 16) a 17)**

Am Kontext vun der Schoul ass den Enseignant responsabel fir d'Ofhale vum Schwammkurs a fir d'Entwécklung vun de virgesinnene Kompetenzen. Ee Schwammmeeschter, deen obligatoresch present ass, ass eenzeg fir d'Sécherheet vun de Schüler zoustänneg an dierf deemno net un der Prise en charge vun de Schüler matwierken. Wéi am Ad) 12 a 15 scho betount, kann d'Gemeng dem Enseignant bei der Ëmsetzung vun de Schwammcoursen ënnert d'Äerm gräifen, andeems si ee weidere Schwammmeeschter astellen, deen den Enseignant beim Encadrement vun den Netschwëmmer ënnerstëtzt. De Staat bedeelegt sech an dësem Kontext un den zousätzleche Käschten, déi fir d'Gemengen ufalen.

Am Kader vun der Ausbildung op der Uni Lëtzebuerg huelen déi zukünfteg Enseignanten, déi an den öffentleche Grondschoule wäerten intervenéieren, u Coursen deel, déi speziell op de Schwammunterrecht ausgeriicht sinn. D'Ausbildung vun den zukünftigen Enseignanten enthält e Module, deen d'Studenten net nëmme léiert, wéi een en effektive Schwammkurs organiséiert a realiséiert, deen op d'Besoinen an d'Viraussetzunge vun de Schüler ugepasst ass, mee si och mat de Sécherheitsmoosname familiariséiert, déi néideg sinn, fir d'Sécherheet vun de Schüler am Schwammkurs ze garantéieren (Verhale bei der Schwämm an am Waasser, Léiere vun engem korrekten Verhalten am Noutfall, asw.).

Am Kader vun de praktesche Stagen, déi en integralen Deel vun hirer Ausbildung sinn, huelen d'Enseignantë schonn ab hirem éischten Stagejoer un de Schwammkursen deel, wat hinnen erlaabt, déi noutwenneg Kompetenzen ze entwéckelen, fir e qualitativ héichwäertege Schwammkurs ze halen.

An der selwechter Logik gëtt an der Circulaire de printemps den Enseignanten an den öffentleche Grandschoulen, déi Schwammkursen halen, all Joer op en Neits recommandéiert, u Weiderbildungen deelzehuelen, déi si op déi Erausforderunge virbereeden, déi sech bei der Organisatioun an Duerchféierung vum Sport- a Schwammunterrecht stelle kënnen.

Virun dësem Hannergrond ass keng Upassung vum Règlement, dat den honoréierten Deputéierten uschwätzt, virgesinn.

**Ad 18)**

D'Servicer vum Educatiounsministère sinn aktuell amgaang, e Relevé vun de fräie Plages horaires an de Schwämme vun de Lycéeën opzestellen, dëst mat der Iddi, d'Schwämmen der Allgemengheet an de Schwammveräiner zougänglech ze maachen.

**Ad 19)**

De Sportminister huet a senger rezenter Entrevue mat der Association Luxembourgeoise des Instructeurs de Natation (ALIN) déi do Méiglechkeet thematiséiert.

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2024

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH